Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Justiz weiderzeleeden.

Duerch d'Gesetz vum 13te Januar 2019 gouf de Registre des bénéficiaires effectifs (RBE) agefouert. Säitdeem sinn d'Societéiten zu Lëtzebuerg opgefuerdert, den Notznéisser vun enger Entreprise oder ASBL ze identifizéieren. De leschten Delai dofir leeft den 30. November 2019 of. Am Gesetz steet allerdéngs näischt iwwert Societéiten, déi sech an enger Faillite befannen. Tatsächlech ass et bei enger Faillite de Curateur, deen d'lafend Geschäfter an domadder och d'Responsabilitéit vun enger Societéit iwwerhëlt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëllt ee Curateur bei der Faillite vun enger Firma als neie Bénéficiaire effectif?
    - Falls jo, ass de Curateur responsabel, fir d'Donnéeë vun der Societéit am RBE anzedroen?
        - Falls jo, ass de Curateur fir d'Net-Aschreiwung vum Bénéficiaire effectif am RBE haftbar a muss an deem Fall déi gesetzlech virgesinne Geldstrofe bezuelen?
    - Falls nee, wien gëtt am Fall vun enger net clôturéierter Faillite als Bénéficiaire effectif am RBE agedroen?

2. Goufen nom Akraafttriede vum Gesetz vum 13te Januar 2019 fir all d'Societéiten, déi an enger net clôturéierter Faillite waren, d'Bénéficiaires effectifs agedroen? Falls nee, firwat net?

3. Wéi vill Societéiten, déi sech an enger net clôturéierter Faillite befannen, sinn Stand haut (voire Enn November) net am RBE ageschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange